



FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



Rapport Referees' Commission - 22.08.2023

Present : Keiffer, Nesser, Simonelli, Volz, Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieden, Frieseisen, Geib, Kröpelin,

1) **Adoptioun vum Rapport vum 25.04.2023 an vun der RefCom vum 09.06.2023**

2) **FLH SuperCup 2023:**

D'RefCom huet d'Besetzung fir den FLH SuperCup 2023 confirméiert. An den Asaz kommen :

SCUP-FEM : Niederprüm – Volz St. (Keiffer F.)

SCUP-HOM: Schmidt – Volz J. (Simonelli)

3) **Amicale des Arbitres:**

Endlech si Fräiwëlleger fonnt gi, fir d'Amicale vun den Arbitter nees opliewen ze loosse. Den éischte Schratt ass gemaach an d'a.s.b.l ass ugemellt. Weider Informatiounen kommen an der nächster Zäit.

4) **Stage Ufank Saison 2023:**

Och dëst Joer ass de Stage zum Ufank vum Joer nees zu Mondorf. Den 26. an 27. August stinn interessant Couren an Informatiounen fir all eis Arbitter um Programm. Am Moment sinn eng Ronn 30 Arbitter ugemellt. Och ass fir owes een Teambuilding virgesinn. Den 25. August sinn dann och nach d'Laf an Reegeltester déi nach opstinn. D'RefCom ass um plange fir d'Reegeltester an enger anerer Form ze maachen. (Um Computer, mat Video,..)

5) **Stage Ufank Saison an Testmatcher:**

D'RefCom wëll d'Clubb nach eng Kéier informéieren, dass den Datum vum Arbitterstage laang am Virus public gemaach gëtt, an hei keng Arbitter fir d'Testmatcher disponibel sinn. Ab nächster Saison gi während der Zäit vum Stage, KENG Arbitter méi päifen. Déi Arbitter déi Zäit hunn, solle/mussen op de Stage kommen/goen.

6) **Examens pratiques:**

Et ass geplangt déi lescht Examen déi nach opstinn (A an C- Schäin) esou séier wéi méiglech ze programméieren.

7) **Beepstest :**

All déi Arbitter déi fir des Saison fir de Laftest virgesi waren, den awer nom 25. August nach net gemaach hunn, müssen sech selwer organiséieren. Si müssen sech eng Hal reservéieren an hiren Test filmen. Déi néideg Audiodatei stellt RefCom.



Tél : +352 48 54 74 • mail@flh.lu • www.flh.lu • www.flh-live.lu
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 • BIL LU90 0024 1008 3380 0000

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN





FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



8) Cours fir Delegués:

D'RefCom ass frou, dass e puer Leit sech gemellt hu fir Delegué ze ginn. Dofir ass och elo ee Cours fir déi Leit virgesinn, an zwar de 6. a 7. Oktober. Interesséiert Leit kënnen sech nach bis den 1. Oktober bei arbitres@flh.lu umellen, da kréien si d'Detailer geschéckt.

9) EHF DMR :

Leider kann d'RefCom net garantéieren, dass e Scorekeeper fir EHF Matcher disponibel ass. Fir den EHF DMR däerfen ze maachen, muss ee just den Zougang kréien an e klenge Tutoriel kucken. D'Clibb sollen hier interesséiert Leit iwwer assist@flh.lu umellen. De Büro mellt déi Leit da bei der EHF fir den Zougang ze kréien.

10) Sekretär/Chronometreur - SBO Couren :

Och dëst Joer sinn Ufank der Saison nees SBO Coure geplangt, an zwar :
Samschdes den 23. September 2023 vun 10h00 – 12h00 op Lëtzebuergesch
Samschdes den 30. September 2023 vun 10h00 – 12h00 op Lëtzebuergesch
Mëttwochs den 04. Oktober 2023 vun 19h00 – 21h00 op Franséisch
Umeldung, wa méiglech, op assist@flh.lu

Fir Englesch ass entweder een Iwwersetzer do, a bei grousser Nofro kann och e Cours op Englesch gehale gin.

Nächst RefCom Donneschdes den 21. September 2023



Tél : +352 48 54 74 • mail@flh.lu • www.flh.lu • www.flh-live.lu
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 • BIL LU90 0024 1008 3380 0000

LU LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN

